N°3722
Entrée le 04.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Verschidde Mënsche mat enger Behënnerung ginn an hirem Alldag vun Assistenzhënn begleet. No Informatioune vu betraffene Leit sollen et Iwwerleeungen ginn, fir zu Lëtzebuerg eng Schoul fir d'Ausbildung vun Assistenzhënn opzebauen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt et e Projet fir d'Schafung vun enger Assistenzschoul fir Assistenzhënn zu Lëtzebuerg gëtt?
   Falls jo, kann d'Regierung Detailer dozou ginn souwéi een Zäitraum, bis wéini dës Assitenzschoul wäert prett sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°3722 vum éierewäerten Deputéierten Marc Goergen**

1. **Kann d'Regierung bestätegen, datt et e Projet fir d'Schafung vun enger Assistenzschoul fir Assistenzhënn zu Lëtzebuerg gëtt?**

   **Falls jo, kann d'Regierung Detailer dozou ginn souwéi een Zäitraum, bis wéini dës Assistenzschoul wäert prett sinn?**

   D'Regierung kann net bestätegen, datt et aktuell e Projet fir d'Schafung vun enger Assistenzschoul fir Assistenzhënn zu Lëtzebuerg gëtt. Am Moment läit kee konkrete Plang oder Dossier vir, deen an dës Richtung geet.
   De Landwirtschaftsministère kuckt fir zesummen mam Familienministère eng legal Basis ze schafen fir kënnen esou Schoulen zu Lëtzebuerg ze agreéieren.

Lëtzebuerg, den 2.Abrëll 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau